Projet de loi 5334
08.06.2005
Dépôt
Aly Jaerling

1

# MOTIOUN

D'Volleksvertriederkummer

beméiht, de Grondgedanke vum Gesetz vum 25. am Heemount 2002 iwwer Beruffsonfähegkeet an d'rëm Aféieren an den Aarbechtsmaart Rechnung ze droen,

feststellend, datt beim interne Reklassement eng Rei Persounen, déi aus der Invaliditéit erëm op hir Aarbecht zeréckfonnt hun, se an déi nidderegts Lounklass zeréckgestuft goufen,

bedauernd, datt d'Ausleeung vum Gesetz vun 25. am Heemount 2002 dee Betraffene keng "indemnité de réemploi" erméiglecht, obwuel dat awer am Rapport vun der zoustänneger Kommissioun erwënscht wor,

besuergt, fir all déi sozial Härtefäll ze redresséieren,

fuerdert d'Regierung op

all Fäll vun internem Reklassement ze analyséieren op déi nei Lounbedingungen, an eng Léisung ze sichen, fir deenen, déi Lounverloschter hunn, och en Lounausgleich iwwer de Fonds pour l'emploi zouzegestoen;

derfir ze suergen, datt d'internt Reklassement net en Instrument gëtt, wat zu automatesche Loundumping inzitéiert.